

Partei fir integral Demokratie  
B.P. 31  
L-9001 Ettelbruck

Betrefft: Kooperatioun PID/Piraten

Dir Dammen, Dir Hären vun der Press,

Folgendes wëlle mir iech zu onsem Kooperatioun s Vertrag mat de Piraten, deen seng Gëltegheet fir d'Nationalwalen 2018, an d'EU Walen 2019 hat, matdeelen:

Am Vertrag gouf festgehalen, dass mir (PID & Piraten) eng gemeinsam Lëscht fir d'Nationalwalen 2018, an den EU Walen 2019 géife presentéieren.

Et gouf och doriwwer diskutéiert, dass di 2 Parteien sollte fusionéieren.

Nodeem mir awer déi chaotesch Virgoensweis, an d'Streidereien an der Piratepartei hu mussen erliewen, huet de Comité vun der PID entscheet, sech no den EU Walen vun der Piratepartei ze trennen, well esou Zoustänn net bei d'Philosophie vun der PID passen.

D'Kommunikatioun tëschent de Piraten an der PID läit zanter Méinte brooch. Mir goufe fir d'EU Walen net an d'Prozesser agebonnen. Op de Walplakaten war weder den Numm vun onser Partei, nach onse Logo. De Comité vun der PID gouf net an den Entscheidung s Prozess agebonnen, obwuel dat hätt musse geschéien.

Vu dass et ons laut Kooperatioun s Vertrag net erlaabt war, Informatiounen, déi der Piratepartei schuede kéinten, un d'Ëffentlechkeet ze droen, hu mir mat dësem Kommuniké gewaart bis no den EU Walen. Och wollte mir aus ethesche Grënn keen negativen Afloss op d'Walen huelen.

An den nächste Wochen ginn d'Member vum Comité vun der PID nei gewielt, wat wuel am Comité, wat déi aktiv Leit betrëfft, kee grouse Changement wäert mat sech bréngen, ausser dass d' Madame Dondelinger ewech fält, wat no den Divergenzen aus de leschte Wochen eng logesch Konsequenz ass.

D'PID wäert allerdéngs, och no den negativen Erfahrungen mat der Piratepartei, weider d'Kooperatioun mat aneren Organer sichen, a bleift als eegestänneg Partei bestoen.

Mat beschte Gréiss  
Angelika Dasbach  
an de ganze Comité vun der PID